

## e bëssen Nodenkes... (1)

Fir déi lescht KLACK vun dësem Joer ass et vläicht net vu Muttwëll, wa mir e bëssen no hannerzeg op dat kucken, **wat zënter 38 Joer an eiser Sprooch a fir si geschitt ass**. Déi bescht Method: emol bedenken, wou d'Lëtzebuergesch dann ëm 1970 dru war, wien sech deemools ëm dat Stéifkand bekëmmert huet, dat de Lëtzeburger 1941 ënner gréisste Gefore bei deer ominöser 'Personenstandsaufnahme / alias Referendum' héich an helleg war... dat ower nom Krich erëm an 'de Schapp gestallt' ginn ass.

An der Schoul, an der Kierch, am offizielle Lëtzebuerg war eis Sprooch praktesch nach/schonn erëm do ukomm, wou et vrum Krich gestan – oder besser: geleeën – huet. E puer Feierkäpp haten zënter **1910 e gudde Schwonk** geholl (ënnert hinnen iwregens och den Nic. Ries an de Batty Weber!). Et wier besser gewiescht, wann si vu 'Vollek' aplaz vun 'Natioun' geschwat hätten; leider ginn d'Zäit an d'Ëmstänn vun hirer Wibbelerei dobäi ower d'meescht net mat beduecht. Mä och deemools waren 'zevill an net genuch' keng Moossen.

D'Lëtzebuergesch war 1912 fir d'alleréischt – an iwwer Gesetz, (vrum allem duerch den Deputéierten C. M. Spoo an de Staatsminister Paul Eyschen – Schoulfach ginn. De Professor Nik. Welter huet an der Logik dovun e Schoulbuch ausgeschafft (*Das Luxemburgische und sein Schrifttum*), dat zwar (bis 1947!) eng ganz Retsch Editiounen erlieft huet, leider ower ni zerguttst iwwerholl oder aktualiséiert guff. Firwat? Dat giff eng Abberzuel vun Äntwerten, och iwwer bedauerlech Ursachen a Reiwereien: et war – och dunn ewell – esou zimlech een deem aneren säin Däiwel (de Rescht sief mat Pietéit zougedeckt). Domat hat et sech dann, an d'Preisen hunn op deem Gebitt kee schwéiert Spill fonnt. Nom Krich huet **en iwwerflässege Schreifweis-Kaméidi** der Sprooch an der Schoul an 'dobaussen' eng Bokemaul opgesat.

An den 30er Joeren hunn d'Aarbechte fir den offiziellen Dictionnaire (*Luxemburger Wörterbuch*) ugefaang, déi duerch de Krich ënnerbrach si ginn an eréischt 1972 op en Enn kommen. Mä duerno huet een nach knapps eppes vun deer Spezialiste-Commissioun héieren. **De Rimm huet erf geleeën**. Déi fläisseg Leit hate vergiess, datt en Dictionnaire och muss ënner d'Leit vun senger Sprooch kommen; si haten der zwar 2000 gedréckt, sinn ower op weinstens 80 % dovun sëtze bliwwen. Firwat? Dat giff en déckegt Iwwerleeës. Sécher ass ower: Ouni d'Actioun-Lëtzebuergesch léngen déi wertvoll Bicher nach haut an engem verwëllefte Keller ze vermuuschten! Déi wierklech ganz respektabel Schafferte vum Dictionnaire hunn sech net ëm den 'Impakt' vun hirer Aarbecht an ëm eis Sprooch 'dobauss bei de Leit' bekëmmert. Deenen enge war dat ze 'trivial', déi aner hate kee Gespier fir d'Weidermaachen; 'Feldaarbecht' hu si net kann. Dat hu mir da vun 1971 un iwwerholl... et ka jo wierklech kee soen, et wier näischt dobäi erauskomm.

Um Plang vum geschriwwene Lëtzebuergesch huet knapps een de Courage gehat, fir iwwer en Theaterstéck, Gedichter a ganz rar Bichelcher eraus, eiser Sprooch eng Chance ze sichen oder ze ginn... ower genee do ass **de sougenannte 'Knackpunkt'** gewiescht. Mir gongen 1971 dovun aus, datt déi meescht Leit keng Gedichter oder Bicher liesen, a wann se nach esou flott a gutt sinn. Knapps een huet eng Neijooschkaart oder e puer Zeilen aus der Vakanz a senger Sprooch geschriwwen; vun enger Annonce, engem Menü oder enger Plakat net ze schwätzen.

**Wann eis Sprooch haut do steet, wou mir si hunn, dann huet dat seng däitlech Ursachen.** Et ass net vu Muttwëll, wa mir dat ouni Scheiklappen an nächsten Artikelcher auserneendinn... et gëtt esou villes (gär) verdréint oder einfach (bewusst) vergiess, gellid.

## déi kredjéfte 'Preiselbeeren'!

Souvill Wëld, wéi mir es haut ëm dës Zäit an de Stellage fannen, ass et vru 50 Joer op kee Fall ginn. Firwat? Dat huet Ursachen, déi näischt mat der Sprooch ze dinn hunn... obschonn emol eng gutt Haut sech soll konsequent mat eiser Sprooch am Zesammenhank mat der Juegd an all hire Facetten a Fassongen 'ameséieren'. Dat giff **en héich intressant Buch**, besonnesch och, wat déi schéi Lidder vun 'duerno bei de Plättelefeer' ugeet. Wou ass deen 'Unzéckert'?

Dann déi hackerdjësse 'Preiselbeeren', mat deene mir esou dacks vun intresséierte Leit en Ouer gemaach kréien. D'éischt hunn si emol glat näischt mat 'Preisen' ze din. Si gehéiere botanesch a genee déiselwecht Famill wéi eis bekannte Molbier ('Ericaceae') an et gëtt se och am Schwarzen, mä mir haten se ni bei äis... dofir ass sech näischt ze 'Preiselbeeren'. Als 'airelles' sinn se och alt net besser; et sinn op Lëtzebuergesch einfach – souguer wëssenschaftlech exakt! – **'rout Molbier'**. Iwregens ass deen däitschen Ausdruck... en tschecheschen! Hien ass ënner verschiddene Formen an alle slavesche Sproochen doheem. An dann esou niewebäi: 'rout Kréischelen' dinn et och; dat wëssen d'Dëppeklosen an d'Kächen, déi e genessegt Stéck Réi oder Bëschfierkelche (firwat 'marcassin'?) fir eng gutt Zos an d'Mautsch leeën an eng kleng Kréischelgebeess-Spëtz wëllen dra kréien. ■ P.W.

## Liesen, liesen, liesen!

Mir si mat eiser Sprooch an de Bicher haut genee do, wou ee vru 35 Joer emol net esou keng gewiescht wier, ze dreemen! **Kannerbicher, Geschichten, perséinlech Erliëfnesser an Erzielereien, Romanen, Dichtereien...** dir kritt vun allen Zorten. Eis Editeuren an d'Bicherbutteker maache wonnerbar mat, an d'Präisser sinn, am Verglach mat deene vun de Mäifelcher am Restaurant, ganz verstänneg.

D'Gewunnecht fir eis Schrëftsprooch geet iwwer d'Buch, iwwer d'Upaken, d'Opmaachen, d'Bliederen, d'Schnoffelen an deene **Bicher, déi fir d'Feierdeeg um Enn vum Joer de Wee bei eis grouss a kleng Kanner fannen**. Wien e Buch an eiser Sprooch bekannt mécht, keeft, schenkt... dee ka mat rouegem Gewësse soen, hien hätt eppes fir seng Sprooch gemaach! ■ M.V.



(BILD: OLIVIER JAMINON)

## Ceterum censeo... (25)

An engem 'Rechtsstaat' muss all Gesetz a jidfer Reglementatioun sech an direkter **'Ofstamung' vum Grundgesetz** ofleede loosse... Jo, an? Wouvunner huele mir dann elo de 'Fuedem' hier, fir per Gesetz festzeleeën, eis Sprooch wier d'Lëtzebuergesch; fir Lëtzeburger ze ginn, misst ee Lëtzebuergesch kënnen; eng Schoul (Institut) giff geschaf, wou d'Lëtzebuergesch programmatesch eng Haaptroll misst spillen?

Dann ass et **schwéier, ze bekäppen, datt eist Grundgesetz mat kengem Wuert d'Lëtzebuergesch als d'Sprooch vum Land soll ernimmen** – esouguer als den 'Idiom' vun de Lëtzeburger, well d'Nationalitéitsgesetz dat jo streng/'stringent' verlaangt. Hei ass dann déi elementairst Logik op der Kopp... fir emol gaaanz héiflech ze bleiwen! Méi däitlech gi mir an den nächste Méint. 'Mit Ross und Reiter' soen se 'déi aner Säit'. ■ L.R.

## tatkräfteg matwierken?

Firwat traatsche mir direkt am Schouldäitsch, esoual mir eng Schreif an de Grapp huelen? Firwat hypnotiséiert e Mikro eis normal Sprooch an der Chamber, bei enger Ried, um Radio oder op der Televisioun? Mä mir kënnen zevill Däitsch, och wann anerer mengen, dem Günter Grass seng Sprooch wier bei äis a Gefor. En normale Lëtzeburger schléit sech am Däitsche ganz respektabel doduerch; dofir brauch hie weder Journalist nach Schrëftsteller ze sinn... dat ass jo och net all Kueblenzer oder Dresdener!

Et gëtt eng zimlech einfach Explikatioun fir deen däitschen Zock an eisem Schreif-Lëtzebuergesch: Mir hunn all mat dem Däitsche schreiwen a liese geléiert; dat bleift un de Fangere pechen. Soubal mir schreiwen, kritt eis Sprooch es. Da vergiess mir eis normal 'Schwätz', aplaz äis virzustellen, mir wieren einfach mat engem um Téléphon. Wat soll dann an engem (léiwen) Noruff dës Saz: *Hien huet onerschöpflech an tatkräfteg matgewierkt, an et ass him spéider gelungen, ze flüchten*. Do wollt dach ee soen, *dee gudde Mann hätt sech bei sengem gudde Matschaffen net ginn, an hien hätt et herno fäerdeg bruecht, unzegoen/fortzefafen/unzeflocken*. Natierlech kann een dat och nach anescht soen; da probéiert emol. ■ H.M.

## de Geck

aus deer leschter KLACK hat dem Här Nico Everling aus der Stad et ugedoen, an hien huet äis eng Partie Beispiller ('Stuelen' hu mir och als en typescht Verdruddele vum franséischen 'échantillons') fir dee gestackte Lëtzeburger Gebrauch dovun geschéckt: *deen hält sech drun ewéi de Geck un de Bengel – hie geckst gär mat de Meedercher – kuckt emol dee jausege Geck – ech war geckeg vu Freed – maach de Geck net domat – Gecke sinn och Leit – dee léisst sech net esou geckeg uschmieren – de Geck geet d'meescht do eran, wou en eras komm ass, a.s.w...* a mir soe villmools merci, Här Everling! ■ P.W.

## Schéi Chrëschtdeeg!

Firwat een ewell am Däitsche **'Foto' aplaz 'Photo'** schreiwe soll, dat hunn déi Päifekäpp vum Duercherneen an der däitscher Orthographie bis elo kengem verroden. 'Philosophie/Philharmonie/Physik...' gëtt et jo ower nach ëmmer; do huet dee griechesche 'PHI' – am Sënn vun der Etymologie (= Herkunft) – säi Recht behal. Kuddelmuddel a keen Enn!

D'Haaptsach ass ower: 'Si' hunn eppes gemaach... musse mir dann do stramm stoen an z. B. och 'Foto' schreiwen? Mir mussen net! Mir sollen äis do un dat halen, wat mir mam Franséischen an Engleschen dselwecht hunn. Da si mir mat ronn 2 Milliarde Schreiwerten eens. Datt d'Italiëner an d'Spuenier dem griechesche 'PHI' aus de Féiss ginn, dat huet aner Ursachen, déi éischter bei de Streech vun der kultur-historescher Verbrueetheet gehéieren.

D'Resultat vun deer joerelaanger Zermeeschtereie vun de 'Spezialisten' aus der Bundesrepublik: **Déckt Gewulls a soss näischt**. Et fällt engem iwregens op, datt déi däitsch Press (op jidfer Niveau!) sech nach ëmmer net eens mat deem ganze Schreifweis-Geheck ass. Esouguer bannent enger an deerselwechter Zeitung fënn en alt verschidden Orthographien... an da solle mir Lëtzeburger Däbbessen och nach vrun deem Blödsinn 'hübsch' maachen. Mir hu genuch däitsch Elementer an eiser Schreifweis. Méi wéi genuch!

Genee an déiselwecht Gedankengang fällt dee falsche **K** bei engem Feiertag, dee jo mam **CHRISTUS** ze dinn huet, mam **CHRISTIAN(e)** an esouguer an Däitschland mam **CHRISTA**, net mam **KRISTA**, engem **KRISTIAN** oder **KRISTINA**. Da soll, aus verstännege Grënn, eise Chrëschttag och un dee **CHRISTUS** erënneren. Mir hunn et hei am Griechesche mat zwéi verschiddene Bustawen ze dinn: dat eent, 'chi', ass en 'Zichlaut', dat anert, 'kappa', e sougenannte 'Glotis-Laut'... entschëllegt d'Komplikatioun, mä si weist, datt et sech net einfach nëmme ëm eng Meenung handelt. ■ L.R.

## Merci, Här Abbé Reckinger!

Vru 35 Joer ware mir frou, datt e Geeschtlechen sech aktiv fir eis Actioun-Lëtzebuergesch intresséiert an agesat huet: den deemolege Péitenger Paschtouer Arthur Reckinger. Op all senge Plazen a Missiounen ass deen häerzensléiwe Mann 'gutt gelidde' gewiescht, natierlech och bei äis. Hien hat vill flott Iddien an huet äis dacks dee richtege Pad gewisen... besonnesch och a sengem 'Fach', der Kierch.

Duerch den Abbé Reckinger krute mir en apaart gudde Kontakt mam Här Bëschof Jean Hengen, deem feinen 'Diddelenger Jong', wéi hien sech esou houfreg genannt huet. De Wee iwwer den Här Reckinger huet eisem Uleies fir d'Lëtzebuergesch an der Kierch immens vill bruecht. Wéi de Frënd 'Bub' sech mat senger Gesondheet net méi esou gutt verstan huet, 'krute' mir vun him de Claude Bache, dee mat sengem ganze jonken Äifer eng Haapt-Stäip vun eiser Gesellschaft guff, besonnesch och, wat eis Relatioun mam Erzbisum an dem Här Erzbëschof Fernand Franck ugeet.

Den Här Reckinger war op all Manéier e sympathesche Mënsch; hie wäert eng schéi Plaz bei sengem leweschte Meeschter kritt hunn. An eiser Erënnerung behält hien se ganz sécher! ■ AL